N° 8222
Entrée le 09.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 09.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/08/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Mam Règlement grand-ducal vum 10. Juni 2013 iwwert de Barème médical fir d'Assurance accident gouf eng nei Referenz fir medezinesch Ënnersichungen an Expertisen am Kontext vu bleiwende Schied no Accidenter agefouert.

Iwwert den nationale Kader eraus, ass d'Thema vun der Evaluatioun vu kierperlechen Aschränkungen an den domat verbonne finanziellen Entschiedegungen och en Thema vun der *Confédération Européenne d'Experts en Évaluation et Réparation du Dommage Corporel (CEREDOC)*.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Op Basis vu wéi enger reglementéierter Nomenclature a wéi enge Critères d'appréciations ginn d'Ënnersichunge beim CMSS gemaach? Gëllt hei och de Barème médical aus dem Reglement vum 10. Juni 2013 oder gëtt et eng aner legal Basis?

   Falls de Barème vun 2013 gëllt: Mussen ëmmer all d'Krittären genotzt ginn?
   Bzw. ass et dem Dokter oder der Doktesch beim CMSS iwwerlooss, zousätzlech zum Reglement vum 10. Juni 2013 weider Krittären ze consideréieren, bzw. d'Krittäre jee no Fall liicht unzepassen oder Krittären ewesch ze loossen?

   Falls et fir d'Ënnersichunge beim CMSS guer keng eenheetlech Richtlinne gëtt: Sinn d'Cellule d'expertise médicale oder en anere Service bei der Santé beoptraagt ginn, dës auszeschaffen?

2. Wéi wäit sinn d'Harmoniséierungbeméiunge bei der Elaboratioun vun engem Guide unique fir kierperlech Aschränkungen an den domat verbonne finanziellen Entschiedegungen vun der *Confédération Européenne d'Experts en Évaluation et Réparation du Dommage Corporel (CEREDOC)*?

   Bréngt Lëtzebuerg sech an dës Aarbechten an a falls jo, wéi?

   Sinn d'Cellule d'expertise médicale oder d'Santé un den Aarbechten bedeelegt?

3. Ginn et Harmoniséierungsbeméiunge vu Säite vu Lëtzebuerg fir d'Barèmes médicales fir d'medezinesch Kontrollen am Beräich vun der Sécurité sociale op europäeschem Niveau unzegläichen?

   Falls jo: Wou sinn d'Aarbechten drun a wat fir eng Roll spillt Lëtzebuerg?

   Sinn d'Cellule d'expertise médicale oder d'Santé un den Aarbechten bedeelegt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten